N°1655
Entrée le 12.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.12.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Mam Bilan 30 solle sproochlech Defiziter bei klenge Kanner scho fréi festgestallt ginn. Duerch dësen Depistage ka scho fréi mat enger Fërderung ugefaang ginn, nach éier d'Kanner an de Cycle 1 kommen a se riskéieren, de Retard nëmme méi schwéier nees ob ze huelen.

Eis gouf vu Persounen zougedroe, dass et am Moment ganz schwéier, voir onméiglech wier, ee Rendez-vous fir Kanner bei engem Orthophonist ze kréien. Verschidden Orthophoniste géifen antëscht wuel och keng Waardelëschte méi ubidden, well dës scho längst komplett iwwerfëllt wieren. Dobäi kéim och, dass duerch d'Sproochebarrière verschidden Orthophonisten net ëmmer a Fro kéimen, well grad kleng Kanner dës opgrond vu feelende Sproochkompetenzen net géife verstoen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Orthophonisten hu mir aktuell hei am Land? Kann de Ministère eng geografesch Opschlësselung fir Lëtzebuerg virleeën?
2. Wéi huet d'Zuel vun den Orthophonisten hei am Land iwwert déi lescht 10 Joer evoluéiert?
3. Ass der Ministesch bekannt, dass et am Moment zu grousse Waardelëschte bei Orthophoniste kënnt respektiv deels iwwerhaapt keng nei Patient:inne méi géifen ugeholl ginn, well einfach keng Disponibilitéite méi do sinn?
4. Huet de Ministère sech schonn eng Strategie iwwerluecht, wéi de Manktem un Orthophonisten esou séier wéi méiglech kéint behuewe ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

www.piraten.lu